PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/10/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

Duerch de CovidCheck-Regime am HORECA-Beräich kënne Restaurateuren a Cafetieren erëm méi Clienten an hire Lokaler empfänken. Fir dëse Regime dierfen z'applizéieren, muss de Patron säi Betrib iwwert *covid19.lu* bei der Santé umellen an kann dann Affichen an Autocollante beim Stat bestellen. Vill, awer net all, Restauranten a Caféen annoncéieren op hire Social Media-Kanäl a Websäite, wa si de CovidCheck-Regime applizéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi steet de Minister zur Iddi vun enger Website, op där all Patron aus dem HORECA-Beräich kéint uginn, ob säi Betrib de CovidCheck applizéiert, fir esou de Clienten, déi dat wëllen, d'Méiglechkeet ze ginn sech am Virfeld iwwert dem Betrib seng Covid-Mossnahmen z'informéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député